Sonnden, de 5. Mee 2019

Ënnert dem Co-Patronage vun eiser Gemeng

« Zesumme fir Europa »- Stäremarsch op Schengen

Zu Éieren vum Europadag organiséiert de Centre Européen Schengen asbl an Zesummenaarbecht mat de Gemenge Schengen, Mondorf-les-Bains an der Stad Réimech e Marsch op Schengen.

Ënnert dem Motto „**Zesumme fir Europa"** wëlle mir en Zeeche fir e staarkt a vereentent Europa setzen.

Am Kader vun den desjäregen Europawalen, wëlle mir ons Matbierger sensibiliséieren, a si op déi wichteg Roll vun der Europäescher Unioun an dëser onstabiler Zäit opmierksam maachen.

Fir d'Symbolik vun engem grenzelosen Europa ze ënnersträiche start de Stäremarsch **e Sonnden, de 5. Mee 2019** gläichzäiteg vu Lëtzebuerg, Frankräich an Däitschland mam gemeinsamen Ziel „Place des Etoiles" zu Schengen.

Départen :

13.30 Auer	Mondorf-les-Bains, Place des Villes Jumelées, (12,4 km)
14.00 Auer	Perl (D), Schengen-Lyzeum (8,6 km)
14.15 Auer	Apach (F), Salle Polyvalente (6 km)
14.30 Auer	Remich, Place Kons (Fréijoarsmaart !), (8,4 km)
15.15 Auer	Navette vu Mondorf, Place des Villes Jumelées bei den Biodiversum, vun do zu Fouss (4 km)
15.30 Auer	Remerschen, Biodiversum (4 km)

Accueil mat Éierewäin vun **16.30 Auer un** virun dem Centre Européen an der Präsenz vum Außen- an Europaminister Jean Asselborn souwéi aner Personalitéiten.

Dono ginn d'Participanten op hiren Ausgangspunkt mat enger Navette zréck gefouert. Brengt Wanderschong an e Bidon fir Waasser mat w.e.g.

Weider Informatiounen op www.visitschengen.lu oder Tel.: 26 66 58 10. Umeldung ass erwënscht, awer net obligatoresch.